# Kontakt

**Informatiounsblat vum Fieldgen / No 9** — **Freiden, 19. November 2021**

## AGENDA
vun der nächster Woch

| | | | | VE - 19.11. | SA - 20.11. |
|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | **8h00 - 10h00**<br>Noschreiw-prüfungen am Sall Raoul Follereau |
| **LU - 22.11.** | **MA - 23.11.** | **ME - 24.11.** | **JE - 25.11.** | **VE - 26.11.** | **SA - 27.11.** |
| | **5G3, 5G4, 5G5**<br>épreuves standardisées | **5C1L, 5G1, 5G8, 5P**<br>épreuves standardisées | **5C2, 5C3, 5G2, 5G6, 5G7**<br>épreuves standardisées | | **8h00 - 10h00**<br>Noschreiw-prüfungen am Sall Raoul Follereau |




### Ech si positiv getest ginn am PCR oder am Schnelltest :

Ech maachen eng Mail un **covid19@epf.lu** mat folgenden Informatiounen :

- Matricule
- Numm a Virnumm
- Klass
- Datum vum Test
- Datum vum Resultat
- Symptomer?
  - jo --> Datum wou déi ugefaangen hunn
  - nee
- Leschten Dag wou ech an der Schoul war
- Schwëster oder Brudder um Fieldgen?
  - jo --> den Numm an d'Klass
  - nee

Eng Begréissungsformel an eng Schlussformel géinge vun der COVID19-Permanence begréisst ginn.




Kommt spillt mat eis !
Donneschdes de **25. November** vu 14h15 un am CDI !

## A story about the environment, by Léo Hellinckx, 5C2 :

### The last chance, part 1

Everyone was going to their classrooms when my classmates and I saw two statues standing in the middle of our classroom. We were wondering why these statues were there when we noticed that one of them was pointing towards the door and seemed to be wearing glasses. The second one had a backpack on its back. They both looked terrified. Then we suddenly understood…

"Ms Coelmont!! Heeelp!!". Ms Coelmont came running into the room: "What happened!?". "Look!! It's Myriam and Natalie!!", "-They have been turned into stone!!". Everyone was shocked and we stayed silent, staring at the cataclysm. "Whew!!", the entire school met in the schoolyard, the parents and police came, and Mrs Urbain gave a talk. Afterwards there was A BIG discussion and finally an investigation took place, without success. I was scared. What had happened? Who had turned my classmates into stone? And why? THIS… …remained a MYSTERY…

**To be continued…**

## Orange Week 2021

Esou wéi eng ganz Rei aner Institutiounen uechtert d'Land hëlt de *Fieldgen* och dëst Joer un der Campagne ***Lët'z say no to violence against women*** vum 25. November bis den 10. Dezember Deel.

Weltwäit gëtt dës Campagne vum *Departement UN Women / ONU Femmes* lancéiert a vum *Zonta International* opgegraff, engem Service Club, deen sech fir d'Rechter vun de Fraen an hir Promotioun an der Gesellschaft asetzt.

Hei am Land, steet dat Ganzt ënnert der Schiermherrschaft vun eiser Grande-Duchesse a gëtt organiséiert vum *Conseil National des Femmes* an de *Zonta Clubs réunis vu Lëtzebuerg*.

Op der Passerell ginn et Informatiounspanneauen iwwert d'Problematik an et brennen orange Käerzen fir un all déi Fraen a Meedercher ze denken, déi ënnert all Zorte vu Gewalt leiden a villäicht och doduercher gestuerwe sinn. An der franséischer Sprooch schwätzt een an deem Fall ewell vun engem „Féminicide".

Och wärend der sanitärer Kris bleift d'häuslech Gewalt géintiwwer de Fraen an Meedercher net aus, ëmsou méi een zäitweis muss op enkem Raum zesumme liewen.

A ville Länner sinn Hotlinen ageriicht ginn fir de Fraen a Meedercher et ze erméiglechen fir sech iwwert dee Wee Hëllef sichen ze goen. Och wann et meeschtens Fraen a Meedercher sinn, déi mussen ënnert der Gewalt leiden an diskriminéiert ginn, ginn et och Männer a Jongen, déi dat selwecht erliewen. D'Zuelen sinn hei awer a kengem Mooss mat deenen vun de Fraen a Meedercher ze vergläichen.

Um Fieldgen sti mir an fir d'„Gender Equality"!

### *#relation2test*




Méi Infoen :

**UN Women** : www.unwomen.org/fr
**Zonta International** : www.zonta.org
**Conseil National des Femmes** :
Orange Week 2020 - News - CNFL - Conseil national des Femmes du Luxembourg
Orange Week 2020 "Bougies solidaires" - News - CNFL

**Ministère de l'Egalité entre femmes et hommes (MEGA) :** helpline_violence.lu

**Maria Teresa de Luxembourg - Accueil | Facebook**